

Chronik vum Groowenhaff

E belsche Groow aus der Lécker Géigend huet den Haff ausgangs 18. Jorhonnert gebaut. Zu Viichten läit een Isidore - Clement - Joseph Looz - Corsvarem vu Merdop (B) begruewen, eventuell ee Fils vum Erbauer. Eng Gedenkplak um Kirficht zu Viichten (Schandel huet zur Halschent zur Paar Viichten gehéiert) erënnert drun, datt dee Groow den 25.3.1799 zu Nordop (B) gebueren an den 24.8.1858 zu Schandel gestuerwen as. Säin Edem, de George Gaston Guyot mat senger Duechter Melanie Maria Louise, Comtesse de Looz, bestuet, war nit emstand, den Haff an der Riicht ze haalen. Si haten e Jong, de Leopold, dee si am Alter vu 5 Joër verluer hun. Hie gouf 1864 och zu Viichten begruewen.

Si hun den Haff du missen aftrieden un den Notär vun Haabicht (Habay-la-Neuve), den Isidore Baudrux. Bis 1888 war den Heinrich Lommel Piechter vum Haff, Famill aus där de spéidere Beschof Léo Lommel erausgaang as. 1888 koum de Jaques Barthelemy an d'Elise Nierenhausen als Piechter op den Haff.

1903 huet de Jaques den Haff vun der Wittfra Leonie Baudrux kaaft fir seng Jongen Nicolas a Pierre. Dem Nic. Barthelemy-Redlinger seng Nokommen goufen leweschtgroowe genannt an dem Pierre Barthelemy-Redlinger seng Nokommen Enneschtgroowen.

Uewen huet dun de Ben Barthelemy-Tonnar gewunnt an ënnen de Jean Barthelemy-Reding. Haut liewt uewen d'Wittfra Antoinette Barthelemy-Tonnar, ënnen de Raymond Barthelemy-Muller, d'Fernande, seng Schwester an den Albert, säi Monni.